Allianz vun Humanisten
Atheisten & Agnostiker

# Kultur vum Discours

## Carte blanche vum Laurent Schley op RTL-Radio

27.01.2014

*An engem demokratesche Staat muss et méiglech sinn, Positiounen an Iddie vu Politiker, Organisatiounen, a.s.w., kritesch ze hannerfroen. Reliounen dierfen an deem Kontext keng Extrawurscht gebrode kréien, mengt den Dr. Laurent Schley, President vun AHA Lëtzebuerg, a senger Carte blanche mam Titel: Kultur vum Discours.*

Wee sech haut an der politescher Ëffentlechkeet äussert, muss domat rechnen, dass seng Fuerderungen a Virschléi vun Interessegruppen aus der Gesellschaft kritesch hannerfrot ginn.

An dat ass gutt sou! Well an engem modernen, demokrateschen an oppene Staat musse sech Meenungen ëffentlech bilde kennen, ier se zu politeschen Entscheedunge féieren. Sou eppes nennt ee partizipatoresch Demokratie, an där d'Zivilgesellschaft sech als bedeitenden Akteur gesäit, sief et duerch Eenzelpersounen, Veräiner oder Interessegruppen.

Zu Lëtzebuerg kenne mer dëse Phänomen och, mä an deene leschte Wochen a Méint, virun allem duerch de Regierungswiessel, goufen mer Zeie vun diversen Ausernanersetzungen, di an hirer Form alles anescht wéi tolerant, fair an demokratesch waren.

Virun allem aus dem Beräich vun de Relioune gëtt et sou munch hëtzeg Reaktioun, soubal et drëms geet ee neie gesellschaftleche Konsens ze fannen, respektiv gesellschaftlech Prinzipien nei ze definéieren.

Wann z.B. de Prinzip vun enger weltanschaulech neutraler Schoul debattéiert gëtt, schéngt dat fir bestëmmte Leit aus dem reliéise Milieu schonn den Ënnergang vun der Zivilisatioun ze bedeiten. Hinnen no geet et d'Baach a mat Lëtzebuerg, eise Wäerter, eiser Erzéiung, eisen Traditiounen, a.s.w., Ängschte gi verbreet; et gëtt bewosst desinforméiert an et gëtt sech viru lafender Kamera zudéifst beleidegt a gedemütegt gestallt. Doutschlag-Argumenter gi benotzt, fir ze probéieren jeglech Kritik un der eegener archaëscher Positioun am Keim ze erstécken.

Wann een also haut, legitimerweis, Reliounen ëffentlech kritiséiert, schléit engem eng vehement Well vun Empörung entgéint. Mä firwat falen di Reaktioune sou hefteg aus? Wann ee sech iwwert eppes definéiert, wat, soubal ee sech bëssi rationell domat beschäftegt, zesummefält wéi e wackelegt Kaartenhaus, dann däerf ee sech dach net wonneren, wann ee sech ugräifbar mécht an iergendwa seng ganz Glafwierdegkeet verluer huet.

Allianz vun Humanisten
Atheisten & Agnostiker

Jiddereen ass natierlech fräi, sech subjektiven a perséinleche reliéisen Fantasien hinzeginn. Mä déi si Privatsaach a gehéieren net an den ëffentleche Raum a scho guer net an ee politeschen Debat. Op deem Niveau misst, am Sënn vun enger Kultur vum Discours, Plaz gemaach gi fir éierlech a virun allem vernünfteg Argumenter. Dës sollte virbruecht ginn op eng ziviliséiert a mënschlech Aart a Weis, mam Zil modern Léisunge fir eist Land ze entwéckelen, am Zäitgeescht an um Wëssensstand vum 21. Joerhonnert.

Déi nei Regierung ass do op engem ganz gudde Wee.

Allianz vun Humanisten, Atheisten an Agnostiker Lëtzebuerg a.s.b.l. (AHA), www.aha.lu
Member *Alliance for a Secular Europe*
Member *European Humanist Federation*
Member *International Humanist and Ethical Union*

A.H.A. Lëtzebuerg a.s.b.l.
ADRESSE POSTALE : B.P. 1013, L-1010 Luxembourg
CCPLLULL: LU56 1111 3101 1809 0000
R.C.S. Luxembourg F8374
SIÈGE SOCIAL: 1, rue Guillaume de Machault, L-2111 Luxembourg
www.AHA.lu
E-MAIL: info@aha.lu